LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n° 3870 vum 31. Mäerz 2026 vun der éierbarer Deputéierten, Stéphanie Weydert , iwwer d' « Panne du système de paiement électronique au Luxembourg »**

1. **Ass der Regierung de genauen Ursprong vun dëser Stéierung mëttlerweil bekannt?**

D'Commission de Surveillance du Secteur Financier (CSSF) huet dem Finanzministère op Nofro matgedeelt, datt den Tëschefall op eng intern Stéierung an der technescher Infrastruktur vun engem Bezueldéngschtleeschter zeréckzeféieren ass.

Déi concernéiert Entitéit huet den Tëschefall der CSSF gemellt, gemiess de Prozedure vun dem EU-Règlement iwwert déi digital operationell Resilienz am Finanzsecteur (DORA).

2. **Wéi eng Bezuelsystemer a wéi eng Zorte vu Kaartetransaktioune ware konkret vun dësem Ausfall betraff?**

Vun der Stéierung betraff waren haaptsächlech physesch Bezuelterminaler vum Typ EP2.

Déi betraffen Transaktioune waren ausschliisslech Kaartebezuelungen iwwer dës EP2-Terminaler. D'Transaktiounen am Online-Handel waren net betraff.

3. **Wéi vill Zäit huet d'Stéierung effektiv gedauert, a wéi vill Geschäftsplazen waren dovu betraff?**

D'Stéierung huet manner wéi eng dräi Véierelsstonn gedauert an huet Geschäftsplazen, déi mat den uewe genannten Terminaler equipéiert sinn, zu Lëtzebuerg souwéi a verschidden aneren europäesche Länner betraff.

4. **Goufen et am Kader vun dësem Tëschefall Nout- oder Back-up-Prozeduren, fir d'Kontinuitéit vum Bezuelverkéier ze garantéieren?**

Laut den Informatiounen, déi dem Finanzministère matgedeelt goufen, ware Back-up-Prozeduren ëmgesat ginn, ouni datt de Contingency-Plang vun der Entitéit huet missen ausgeléist ginn.

5. **Sinn zousätzlech Mesurë geplangt, fir d'Risike vun sou Ausfäll an Zukunft ze reduzéieren an d'Versuergungssécherheet am Bezuelverkéier ze stäerken?**

D'CSSF iwwerwaacht d'Ëmsetzung vum Aktiounsplang, deen d'Entitéit opgestallt huet fir esou Stéierungen ze verhënneren.

Lëtzebuerg, den 30. Abrëll 2026
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth